



Seul le discours prononcé fait foi

Fête nationale 2020

Cérémonie officielle au MNSL

Discours de S.A.R. le Grand-Duc

Här Chamberpresident,
Här Staatsminister,
Excellenzen,
Léif Matbierger,

Haut, op dësem Nationalfeierdag, sti mir virum *Monument national de la solidarité luxembourgeoise* fir och un d'Enn vum Zweete Weltkrich viru 75 Joer ze erënneren.

Et ass näischt vergiess vun där batterer Zäit: net den Nationalsozialismus, deen e groussen Deel vun der Mënschheet an d'Katastroph gefouert huet; net déi vill Affer, och hei zu Lëtzebuerg; net de Courage an d'Resistenz vun de Lëtzebuerger; och net de Wëlle vun den deemolege Generatiounen, fir Lëtzebuerg erëm fräi an onofhängeg opzebauen. Neen, mir wäerten lech ni vergiessen.

Léif Leit alleguer,

Wéi d'Land viru gutt dräi Méint an d'Covid-19 Pandemie geroden ass, wor déi kruzial Fro : Wat maache mir elo? Wéi kënne mir d'Populatioun virum neie Virus schützen?

Engem Virus, vun deem just gewosst wor, datt en extrem ustiechend wär, d'Leit kéint schwéier krank maachen, a méiglecherweis eng héich Doudesrat hätt. Haut wësse mir méi.

Mir wëssen, datt Lëtzebuerg vill méi uerg getraff gi wär, wann d'Administratiounen, d'Entreprises a virun allem d'ganz Populatioun d'Mesurë vun der Regierung net konsequent applizéiert hätten.

Mir gehéieren a Westeuropa zu deenen, déi - bis elo - relativ gutt duerch d'Covid-Kris komm sinn. Mä och bei ons si Mënsche gestuerwen oder hunn an de *soins intensifs* béiss gelidden.

Deenen éischten, deenen ech haut um Nationalfeierdag e ganz grouse Merci soen, sinn ons Spideeler a Kliniken, mat hiren Dokteren an hirem Fleegepersonal. Dir hutt ënner extrem komplizéierten a stressege Konditiounen geschafft, an och perséinlech Riske geholl. Är *Conscience professionnelle* an ären *Dévouement* si beispillhaft.

Wéi an aneren héich entwéckelte Länner ass de Gesondheetssystem zu Lëtzebuerg op geséichert medezinescht Wëssen an op praktesch Erfahrung opgebaut. Déi meescht Krankheete si bekannt, an et gëtt fir bal alles eng Therapie oder eng Operatioun.

Mëtt Mäerz gouf onse performante Gesondheetssystem awer mat dem Covid konfrontéiert. Well keng klassesch Medikamenter gegruff hunn, wor déi eenzeg raisonnabel Léisung déi vum strenge Confinement. Och zu Lëtzebuerg wor ganz séier kloer, dass mir d'Confinementsreegele misste konsequent duerchzéien, fir eng exponentiell Verbreedung, an domat e Kollaps vum Gesondheetssystem, ze verhënneren.

Déi prinzipiell Decisioun ass unanim vun der Politik gedroe ginn. Souwuel d'Awunner wéi d'Frontalieren hunn hir Zoustëmmung doduerch gewisen, datt si sech gréisstendeels virbildlech un d'Reegele gehalen hunn.

Et ass nach ze fréi fir e komplette Bilan. Et kann een awer, besonnesch um Nationalfeierdag, deen onst gemeinsaamt Fillen, an ons politesch a sozial Kohesioun ausdréckt, éischt Punkten ervirsträchen.

Erlaab mir, der e puer ze nennen :

- Vis-à-vis vun der Pandemie hunn d'Regierung an d'Chamber Decisioune geholl, fir d'Liewe vun de Leit ze protegéieren an ze retten.
- Während der akuter Phas vun der Kris ass net gestridde ginn, wat richtig oder falsch wär. Decisioune goufe geholl, fir de Covid anzedämmen. Mir hu verstanen, datt Lëtzebuerg keng Insel wär, dass zoue Grenze kee Virus stoppen.
- Et goug drëm, de Gesondheetssystem séier un déi speziell Situatioun unzepassen. Ronderëm d'Auer ass an de Spideeler an an de Klinicke fir d'Covid-Patienten alles gemaach ginn, wat mënscheméiglech wor.
- D'Populatioun huet gespuert, wat um Spill stoug. Et hu sech iwwerall am Land nei Forme vu Solidaritéit a géigesäitegem Respekt entwéckelt. Dat wor schéin ze gesinn, a mir hunn all bäigeléiert.

Léif Matbierger,

Solidaritéit a Kohesioun tëschent alle Lëtzebuerger an alle Leit, déi hei liewen a schaffen, dat sinn ons beschten Atouten an dëser Kris, an ech sinn och zouversichtlech, datt mir staark genuch sinn, fir déi wirtschaftlech a sozial Konsequenze vun der Pandemie ze packen.

Zesumme kënnen mir esou zimmlech all Defiën unhuelen, well e feste Fong do ass: gesond Staatsfinanzen, déi de Covid-Schock aushalen an den ugeschloene Branchen hëllefen; eng kompetitiv, innovativ an diversifiéiert Ekonomie; a ganz vill fachlech Kompetenz am private wéi am öffentleche Secteur.

Et kënt elo méi wéi jee drop un, datt déi Ëmstellungen, déi et an der Weltwirtschaft, an der europäescher Wirtschaft, an an der Lëtzebuurger Wirtschaft wäerte ginn, an onsem Land pragmatesch, zukunfts-orientéiert, sozial an ëmweltgerecht ëmgesat ginn. An dat muss fir all d'Leit hei am Land zielen. Et dierf keen an d'Abseits geroden. Et dierf keen d'Gefill kréien, fale gelooss ze ginn.

Et kann een dervun ausgoen, datt verschidden Noutléisungen, oder besser innovativ nei Léisungen, wéi zum Beispill den Télétravail, aus der Covid-Zäit an dat normaalt Aarbechtswien afléisse kéinten. D'Kris huet eis geléiert, datt am gesellschaftleche Liewen, an der Ekonomie an am soziale Beräich, viles och anescht ka gemaach ginn. Och dat musse mir zesumme gestalten an gereieren, am Interessi vun onse Matbierger.

Léif Leit alleguer,

Et ass mir och wichteg ze soen, dass ouni d'Europäesch Union, an ouni hiert Agräifen, dës Pandemie nach vill méi schlëmm Konsequenze gehat hätt. Den Euro huet déi energiesch Krisepolitik vun der Zentralbank an der EU-Kommissioun erméiglecht; virun allem Länner déi am Schlëmmste vun der *crise sanitaire* betraff waren, kréien duerch eng ganz Rei europäesch Mesurë gehollef, an dëst ass am Interêt vun alle Memberstaaten.

Jo, et ass de Regierungen am Ufank schwéier gefall, sech um Terrain an hirer Covid-Strategie ofzestëmmen. Mee d' *Valeur ajoutée* vun der EU huet sech bewisen. Mir si méi staark wa mir zesummen no Léisunge sichen. Mir si méi effikass, wa mir an der EU koordinéiert a solidaresch handelen.

A fir d'Relance si Léisunge fonnt ginn, déi een optimistesches fir d'Zukunft vun der EU stëmmen. Vläch ass och elo, mam Covid, de Moment komm, fir méi enk an der Gesondheetspolitik ze kooperéieren. Mir hunn alleguerte gesinn, wéi d'Natur sech während dem Confinement regeneréiert huet. Doraus kann een och léieren.

Permettez-moi de saisir cette occasion solennelle pour exprimer ma gratitude à tous ceux, Luxembourgeois ou résidents non-luxembourgeois, ainsi qu'à tous les travailleurs frontaliers qui ont contribué, souvent dans des conditions très difficiles, à nous soutenir pendant cette pandémie. Sans eux, sans leur disponibilité, la situation se serait dégradée pour devenir intenable. Je vous en remercie de tout coeur !

Permettez moi également d'avoir une pensée pour les millions de gens dans le monde qui souffrent, directement ou indirectement, de cette terrible pandémie ; et en particulier à tout ceux qui n'ont pas la chance de vivre dans un pays développé comme le nôtre et qui ont souvent perdu tous leurs moyens de subsistance. On leur doit notre solidarité.

Zum Schluss eng perséinlech Remarque.

D'Grande-Duchesse an ech, mir sinn erëm Grousseltere ginn. De Pränz Charel, eent vun de Kanner déi zu Lëtzebuerg an der Covid-Zäit op d'Welt komm sinn, ass dat ganz Gléck vu sengen Elteren, dem Pränz Guillaume an der Prinzessin Stéphanie.

D'Lëtzebuerger hunn onsen Enkel direkt an d'Häerz geschloss. Doriwwer si mir richteg frou!
Mat der Grande-Duchesse an onser Famill wënschen ech iech all, trotz Covid, e schéinen
Nationalfeierdag.

Vive Lëtzebuerg! Vive Europa!